## EXEMPLE DE FACTURE POUR UN MÉNAGE – PARTIE "CANAL" POUR 3 MOIS

## BEISPILL VUN ENGER FACTURE FIR E STOT – PARTIE „KANAL" FIR 3 MÉINT

### ANCIEN TARIF / ALEN TARIF

**Détail de votre facture**

| | | Montant € HTVA |
|---|---|---|
| **CANAL EVACUATION** | | **96,00** |
| Consommation: 30 M3 | P.U.: 3,20 EUR | 96,00 |
| **CANAL TAXE TRIMESTRIELLE** | | **0,25** |
| Quantité: 1 | P.U.: 0,25 EUR | 0,25 |

### NOUVEAU TARIF À PARTIR DU 01.07.25 / NEIEN TARIF AB DEM 01.07.25

**Détail de votre facture**

| | | Montant € HTVA |
|---|---|---|
| **Canal ménage – partie variable** | | **120,00** |
| Consommation: 30 M³ | P.U.: 4,00 EUR | |
| **Canal ménage – partie fixe** | | **30,00** |
| Quantité: 2,5 EHm Mois: 3 | P.U.: 4 EUR | |

**Canal ménage partie variable**

Consommation: quantité "CANAL" facturée (= quantité d'eau facturée)

P.U.: prix unitaire pour la partie "CANAL" en vigueur à partir du 01/07/2025: 4 € / m³ (non soumis à la TVA)

Montant: 30 m³ x 4,00 € = 120 €

**Canal ménage partie fixe**

Quantité: La partie fixe "CANAL" est proportionnelle au nombre d'équivalents habitants moyens annuels (EHm) suivant le tableau ci-dessous.

P.U.: Taxe en vigueur à partir du 01/07/2025: 48 € EHm / an (non soumis à la TVA), c'est-à-dire: 48 € / 12 mois = 4 € / mois

Montant: 2,5 EHm x 3 mois x 4 € = 30 € (EHm x 3 mois x P. U. )

**Canal ménage partie variable**

Consommation: déi facturéiert Quantitéit fir de Kanal (= facturéiert Waasserquantitéit)

P.U.: den Eenzelpräis fir d'Partie "Kanal", deen zanter dem 01/07/2025 gëllt: 4 € / m³ (net TVA-gebonnen)

Montant: 30 m³ x 4,00 € = 120 €

**Canal ménage partie fixe**

Quantité: De fixen Deel vun der Partie "Kanal" ass proportional zu der Zuel vun den "Equivalents habitants moyens" (EHm) pro Joer a riicht sech no der Tabell hei drënner.

P.U.: Tax, déi ab dem 01/07/2025 gëllt: 48 € EHm / Joer (net TVA-gebonnen), d. h.: 48 € / 12 Méint = 4 € / de Mount

Montant: 2,5 EHm x 3 Méint x 4 € = 30 € (EHm x 3 Méint x Eenzelpräis)

| I. Population résidente | | |
|---|---|---|
| **Groupe ou activité** | **Charge polluante moyenne annuelle (EHm)** | |
| Population résidente | **2,5** | EHm / unité d'habitation (maison unifam. ou appartement) |

| I. Awunner | | |
|---|---|---|
| **Grupp oder Aktivitéit** | **Duerchschnëttlech Schuedstofflaascht pro Joer (EHm)** | |
| Awunner | **2,5** | EHm / Wunneenheet (Eefamilljenhaus oder Appartement) |

Les règlements de taxes et le détail des différents tableaux de tarification (ménages privés, secteurs agricoles, industriels et Horeca) peuvent être consultés sur notre site internet www.garnich.lu

D'Taxereglementer an den Detail vun deene verschiddenen Tariffkategorië (Privatstéit, Landwirtschaft-, Industrie- an Horeca-Secteur) kënnen op eisem Internetsite www.garnich.lu consultéiert ginn.

**IMPORTANT**

**Dans le cadre de la nouvelle tarification de l'eau et de l'assainissement, certaines subventions ont été adaptées. Pour plus d'informations, veuillez consulter notre site internet : www.garnich.lu.**

**WICHTEG**

**Am Kader vun den neie Waasser - a Kanaltariffer goufe verschidde Subventiounen ugepasst. Méi Informatioune fannt Dir op eisem Internetsite: www.garnich.lu.**

COMMUNE DE Garnich

Le collège échevinal / De Schäfferot

Sonia Fischer-Fantini, *bourgmestre*
Pia Godelet-Bissen, *échevine*
Lou Dondlinger, *échevin*

### Comment économiser l'eau ?

**À la maison / Am Haus**



Réparez les fuites – Utilisez des appareils efficaces – Prenez des douches courtes de 5 minutes – Fermez le robinet lors du brossage des dents etc. – Lavez les fruits et légumes dans un bassin – Utilisez le lave-vaisselle et lave-linge à pleine capacité

**Dans le jardin / Am Gaart**



Arrosez le matin ou le soir – Collectez l'eau de pluie pour arroser – Plantez des espèces résistantes à la sécheresse

**Autres conseils / Aner Tipps**



Utilisez des gourdes et des bidons – Eduquez et sensibilisez votre famille



COMMUNE DE Garnich

# vous informe... informéiert Iech...

# Nouveaux prix de l'eau
# Nei Waasserpräisser

à partir du 1er juillet 2025 / ab dem 1. Juli 2025

**Chères habitantes, chers habitants,**

**Suite à l'adoption unanime du conseil communal des nouveaux règlements de taxes en matière d'eau destinée à la consommation et de redevance d'assainissement, en vigueur depuis le 1er juillet 2025 et comme annoncé en juillet, nous tenons à vous présenter les motifs.**

**Léif Awunnerinnen, léif Awunner,**

**De Gemengerot huet déi nei Taxereglementer fir Drénkwaasser a Kanal, déi zanter dem 1. Juli a Kraaft sinn, eestëmmeg ugeholl. Wéi schonn am Juli ugekënnegt, wëlle mir Iech hei d'Grënn dofir méi am Detail erklären.**

## POURQUOI CETTE AUGMENTATION?

**> Tout d'abord pour satisfaire à la réglementation nationale.**

La loi nationale impose que le prix de l'eau couvre les coûts liés à sa fourniture et à son assainissement. Pour assurer cet équilibre, le gouvernement a mis en place pour toutes les communes un tableau uniformisé pour le calcul des parties fixes et variables, sur lequel nous n'avons que très peu d'influence.

Les réglementations environnementales et les taxes imposées par le gouvernement jouent un rôle dans le coût de l'eau. Ces régulations sont mises en place pour garantir que les normes de qualité de l'eau soient respectées et que les impacts environnementaux soient minimisés.

Depuis 14 ans, le prix de l'eau dans notre commune n'a ni été ajusté, ni mis à l'échelle de l'indice des prix à la consommation, de sorte que la politique communale ne se trouvait finalement plus en adéquation avec les dispositions respectives.

## FIRWAT DËS ERHÉIJUNG?

**> Als alleréischt, fir déi national Virschrëften z'erfëllen**

Dat nationaalt Gesetz schreift vir, datt de Präis vum Waasser d'Käschte fir seng Bereetstellung an Entsuergung decke muss. Fir dëst Gläichgewiicht sécherzestellen, huet d'Regierung fir all d'Gemengen en eenheetlechen Tableau fir d'Berechnung vun de fixen a variabelen Deeler agefouert, op dee mir nëmme ganz wéineg Afloss hunn.

D'Ëmweltreguléierungen an d'Taxen, déi d'Regierung virschreift, spillen eng Roll beim Waasserpräis. Si goufen agefouert, fir d'Qualitéitsnorme vum Waasser ze garantéieren an den Impakt op d'Emwelt ze minimiséieren.

Zanter 14 Joer ass an eiser Gemeng de Waasserpräis weeder ajustéiert, nach un den Index ugepasst ginn, sou datt d'Gemengepolitik am Endeffekt net méi mat de jeeweilege Bestëmmungen am Aklang war.



**ENGLISH VERSION AVAILABLE ONLINE**

15, rue de l'École L-8353 Garnich • T. 38 00 19-1 • info@garnich.lu • www.garnich.lu

**> Pour assumer les coûts liés à la production et à la distribution**

Entre 2011 et 2023 le prix d'achat de l'eau auprès de notre fournisseur, le Syndicat des Eaux du Sud (SES), a augmenté de près de 90 %. Cette hausse significative a un impact direct sur le coût de l'eau pour notre commune.

Les coûts liés à la production de l'eau potable, incluant le traitement, la purification et la distribution sont des composants majeurs du prix de l'eau. Cela inclut les investissements dans les infrastructures telles que les stations de traitement, les réservoirs et les réseaux de distribution.

**> Pour assumer les frais d'entretien et de modernisation des infrastructures existantes**

Les réseaux d'eau et les installations doivent être régulièrement entretenus et modernisés pour garantir un service continu et fiable. Les coûts d'entretien et de modernisation sont intégrés dans le prix de l'eau.

**> Pour couvrir les frais d'assainissement**

L'eau usée doit être collectée, traitée et éliminée de manière sûre. Les coûts associés aux processus d'assainissement influencent également le prix de l'eau. Les stations d'épuration, les réseaux d'égouts et les installations de traitement des boues font partie des infrastructures nécessaires.

**> Pour garantir la gestion responsable des ressources en eau**

Le Luxembourg dispose de ressources en eau limitées et la gestion durable de ces ressources est cruciale. Les coûts liés à la gestion de l'eau, y compris la protection des sources d'eau et la gestion des réserves affectent le prix.

**> Pour répondre aux défis démographiques de notre commune**

Depuis 2011, notre population est passée de 1.857 à 2.364 habitant.e.s en 2025 ce qui correspond à une augmentation de pratiquement 28 %.

## COMMENT SE COMPOSE LA NOUVELLE TARIFICATION DE L'EAU POUR LES MÉNAGES ?

**QUELQUES EXPLICATIONS PRÉLIMINAIRES**

**> Une nouvelle unité de mesure est intégrée dans les factures: EHm**

Le nombre d'équivalents habitants moyens annuels est l'unité de mesure définissant la charge polluante moyenne d'une personne par jour (loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau). Pour les maisons unifamiliales et les appartements, la charge polluante moyenne annuelle est fixée à 2,5 EHm, vu que pour l'ensemble du Grand-Duché un ménage est composé en moyenne de 2,5 habitants.

Cette unité a été introduite afin de quantifier l'impact environnemental d'un effluent, de dimensionner les stations d'épuration et de fixer les redevances d'assainissement.

**> Fir d'Produkiouns- an d'Verdeelungskäschten ze decken**

Tëschent 2011 an 2023 ass den Akafspräis fir d'Waasser bei eisem Fournisseur, dem Syndicat des Eaux du Sud (SES), ëm bal 90 % an d'Luucht gaangen. Dës bedeitend Hausse huet en direkten Impakt op de Waasserpräis an eiser Gemeng.

D'Käschten vun der Drénkwaasserproduktioun, dorënner den Traitement, d'Purifikatioun an d'Verdeelung sinn e weesentlechen Deel vum Waasserpräis. Dozou zielen och d'Investissementer an Infrastrukturen, wéi Traitementsstatiounen, Reservoiren an Verdeelungsnetzer.

**> Fir d'Entretiens- a Moderniséierungskäschten vun de besteeënden Infrastrukturen ze decken**

D'Waasserreseauen an d'Installatioune musse reegelméisseg ënnerhalen a moderniséiert ginn, fir en duerchgängegen an zouverlässege Service garantéieren ze kënnen. D'Käschte fir den Entretien an d'Moderniséierung sinn am Waasserpräis abegraff.

**> Fir d'Kanalkäschten ze decken**

D'Ofwaasser muss gesammelt, traitéiert an op eng sécher Manéier entsuergt ginn. D'Käschten, déi mat den Ofwaasserprozesser verbonne sinn, hunn och en Afloss op de Waasserpräis. D'Kläranlagen, d'Kanalisatiounsnetzer an d'Schlammbehandlungsinstallatioune gehéieren zu den noutwendegen Infrastrukturen.

**> Fir eng verantwortungsvoll Gestioun vun de Waasserressourcen ze garantéieren**

Lëtzebuerg verfüügt iwwer limitéiert Waasserressourcen, dofir ass eng nohalteg Gestioun vun dëse Ressourcen immens wichteg. D'Käschten am Zesummenhang mat der Waassergestioun, dozou zielt och de Schutz vun de Waasserquellen an d'Gestioun vun de Reserven, hunn en Afloss op de Präis.

**> Fir deenen demografeschen Erausfuerderunge vun eiser Gemeng gerecht ze ginn**

Zanter 2011 ass d'Zuel vun eisen Awunner vun 1.857 op 2.364 Awunner(innen) am Joer 2025 geklommen, dat entsprécht enger Augmentatioun vu praktesch 28 %.

## WÉI SETZE SECH DÉI NEI WAASSERTARIFFER FIR D'STÉIT ZESUMMEN?

**HEI E PUER EXPLIKATIOUNEN AM VIRFELD**

**> Et gouf eng nei Moosseenheet an de Facturen agefouert: EHm**

D'Zuel vun den "Equivalents habitants moyens (EHm)" ass d'Moosseenheet, déi déi duerchschnëttlech Schuedstofflaascht vun enger Persoun pro Dag definéiert (Waassergesetz vum 19. Dezember 2008). Fir Eefamilljenhaiser an Appartementer gouf dës duerchschnëttlech Schuedstofflaascht pro Joer op 2,5 EHm festgeluecht, well am Grand-Duché e Stot am Schnëtt aus 2,5 Awunner besteet.

Dës Moosseenheet gouf agefouert, fir d'Auswierkunge vum Ofwaasser op d'Ëmwelt z'erfaassen, d'Kläranlagen ze dimensionéieren an d'Taxe fir d'Ofwaasserentsuergung festzeleeën.

## L'EAU POTABLE:

**Redevance de la partie variable:** prix de la consommation effective

4,40 € / m³ + 3% TVA = 4,53 / m³

**Redevance annuelle de la partie fixe,** basée sur le diamètre (mm) du compteur, usuellement 20 mm pour un ménage privé:

11,00 € / mm / an + 3 % TVA

11,00 € x 20 mm

220 € + 3 % TVA = 226,60 €

## LES EAUX USÉES:

**Redevance d'assainissement de la partie variable**, en fonction de la consommation effective:

4,00 € / m³ (non soumis à la TVA)

**Redevance annuelle de la partie fixe** pour un ménage privé:

48,00 € / EHm / an

48,00 € x 2,5 = 120 € (non soumis à la TVA)

## DRÉNKWAASSER:

**Tax fir de variabelen Deel:** Präis vum tatsächleche Verbrauch

4,40 € / m³ + 3% TVA = 4,53 / m³

**Jorestax fir de fixen Deel,** ofhängeg vum Duerchmiesser (mm) vum Compteur, gewéinlech 20 mm fir e Privatstot:

11,00 € / mm / Joer + 3 % TVA

11,00 € x 20 mm

220 € + 3 % TVA = 226,60 €

## KANAL:

**Kanaltax fir de variabelen Deel**, ofhängeg vum tatsächleche Verbrauch:

4,00 € / m³ (net TVA-gebonnen)

**Jorestax fir de fixen Deel** fir e Privatstot:

48,00 € / EHm / Joer

48,00 € x 2,5 = 120 € (net TVA-gebonnen)

## RÉSUMÉ

Commune de Garnich

| **Taxes variables suivant consommation** / Variabel Taxen, ofhängeg vum Verbrauch | | |
|---|---|---|
| | **Nouveaux tarifs** / Nei Tariffer | **Anciens tarifs** / Al Tariffer |
| **Eau potable** / Drénkwaasser | 4,40 € / m³ (+3 % TVA) | 1,84466 € / m³ (+3 % TVA) |
| **Eaux usées** / Kanal | 4 € / m³<br>Non soumis à la TVA / net TVA-gebonnen | 3,20 € / m³<br>Non soumis à la TVA / net TVA-gebonnen |

| **Taxes fixes** / Fix Taxen | | |
|---|---|---|
| | **Nouveaux tarifs** / Nei Tariffer | **Anciens tarifs** / Al Tariffer |
| **Eau potable** / Drénkwaasser | 11 € / mm / an-Joer (+3 % TVA) | 2 € / mm / an-Joer (TTC) |
| **Eaux usées** / Kanal | 48 € / Ehm / an-Joer<br>Non soumis à la TVA / net TVA-gebonnen | 1 €<br>Non soumis à la TVA / net TVA-gebonnen |

## EXEMPLE DE FACTURE POUR UN MÉNAGE – PARTIE "EAU" POUR 3 MOIS

## BEISPILL VUN ENGER FACTURE FIR E STOT – PARTIE „WAASSER" FIR 3 MÉINT

### € ANCIEN TARIF / ALEN TARIF

**Détail de votre facture**

| | Montant € HTVA |
|---|---|
| **EAU** - Tva 3 % | **55,34** |
| Nouvel Indice 93 M3 - Ancien Indice 63 M3 | |
| Consommation: 30 M3 P.U.: 1,84466 EUR | 55,34 |
| **EAU TAXE MENSUELLE 3/4"** - Tva 3 % | **9,71** |
| Quantité: 3 P.U.: 3,236246 EUR | 9,71 |

### € NOUVEAU TARIF À PARTIR DU 01.07.25 / NEIEN TARIF AB DEM 01.07.25

**Détail de votre facture**

| | Montant € HTVA |
|---|---|
| **Eau ménage – partie variable** - Identifiant : 8ZRI0070390863 – TVA 3% | **132,00** |
| Nouvel Indice: 93 M³ - Ancien Indice 63 M³ | |
| Consommation: 30 M³ P.U.: 4,40 EUR | |
| **Eau ménage – partie fixe – 20mm – TVA 3%** | **55,00** |
| Quantité: 1 Mois: 3 P.U.: 18,333333 | |

**Eau ménage partie variable**

| | |
|---|---|
| Identifiant : | numéro de votre compteur |
| Consommation: | quantité d'eau consommée |
| P.U.: | Prix de l'eau à partir du 01/07/2025: 4,40 € HTVA / m³ |
| Montant: | 30 m³ x 4,40 € = 132 € |

**Eau ménage partie fixe**

| | |
|---|---|
| 20 mm: | Le diamètre d'un compteur usuel pour un ménage privé est de 20 mm |
| Quantité: | 1 ( correspond à un trimestre) |
| P.U.: | Taxe en vigueur à partir du 01/07/2025:<br>11 € HTVA / mm / an, soit pour un compteur de 20 mm:<br>11 € x 20 mm = 220 € HTVA / an<br>Réparti sur 12 mois:<br>220 € /12 = 18,333333 € / par mois |
| Montant: | 1 x 3 x 18,333333 = 55 €<br>(quantité x nombre de mois x P.U.) |

**Eau ménage partie variable**

| | |
|---|---|
| Identifiant : | d'Nummer vun Ärem Compteur |
| Consommation: | d'Quantitéit u Waasser, déi Dir verbraucht hutt |
| P.U.: | de Präis vum Waasser ab dem 01.07.2025: 4,40 € HTVA / m³ |
| Montant: | 30 m³ x 4,40 € = 132 € |

**Eau ménage partie fixe**

| | |
|---|---|
| 20 mm: | Den Duerchmiesser vun engem gewéinleche Compteur fir e Privatstot läit bei 20 mm |
| Quantité: | 1 (entsprécht engem Trimester) |
| P.U.: | Fix Tax, déi ab dem 01.07.2025 gëllt:<br>11 € HTVA / mm / Joer, d. h. fir e Compteur vun 20 mm:<br>11 € x 20 mm = 220 € HTVA / Joer<br>Opgedeelt op 12 Méint:<br>220 € / 12 = 18,333333 € / de Mount |
| Montant: | 1 x 3 x 18,333333 = 55 €<br>(Quantitéit x Zuel vu Méint x Eenzelpräis) |